**Evangelium vum 32. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 20,27-38**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

27 Vun de Sadduzäer, déi behaapten, et géif keng Operstéiung, sinn der e puer bei de Jesus komm, an si hunn hie gefrot:

28 "Meeschter, de Moses huet äis virgeschriwwen: *Wann engem säi Brudder stierft*, deen eng Fra, awer *keng Kanner hat*, da *soll de Brudder déi Fra bei sech huelen an sengem Brudder Nokomme verschafen*[a].

29 Nu waren do siwe Bridder. Deen éischten huet eng Fra bei sech geholl an ass gestuerwen, ouni Kanner ze hunn.

30 Dunn huet deen zweeten

31 si bei sech geholl an duerno deen drëtten, a gradesou déi aner bis dee siwenten, an alleguer sinn si gestuerwen, ouni Kanner ze hannerloossen.

32 Zu gudder Lescht ass och d'Fra gestuerwen.

33 Wiem seng Fra gëtt si dann elo bei der Operstéiung? Si haten si jo alle siwe fir Fra!"

34 Du sot de Jesus zu hinnen: "D'Kanner vun dëser Welt bestueden sech, an si gi bestuet;

35 déi awer, déi et fir wäert fonnt ginn, un där anerer Welt an un der Operstéiung vun den Doudegen deelzehuelen, déi bestueden sech dann net méi, an si ginn dann och net méi bestuet:

36 Si kënnen da jo och net méi stierwen, well si wéi Engele sinn, an als Kanner vun der Operstéiung sinn si Kanner vum Herrgott.

[37] Datt awer déi Doudeg erwächt ginn, dat huet och de Moses gewise bei der Därenheck, wéi hien *de Gott vum Abraham, de Gott vum Isaak an de Gott vum Jakob*[b] Här genannt huet.

[38] Hien ass dach net e Gott vun Doudegen, ma vu Liewegen, well si all liewe fir hien."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[a] *Dtn 25,5.*
[b] *Ex 3,6.*